LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°2927 vum 24. September 2025 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen iwwert «Portières de voitures électriques bloquées»**

1) **Ass der Madamm Ministesch dee Fall bekannt? Falls jo, wéi réagéiert si dorop ?**

Mir ass de Fall bekannt, deen ech zu déifst bedaueren.

2) **Mussen zu Lëtzebuerg sämtlech Autoen iwwert eng mechanesch Dier verfügen? Falls net, firwat net? Wéi ass an deem Fall séchergestallt, datt d'Dieren zu all Ablack opgoe kënnen?**

Am europäesche Recht gëtt d'Typgeneemegung vu Gefierer duerch d'Veruerdnung (EU) 2018/858 gereegelt. Dës Veruerdnung definéiert d'technesch Ufuerderungen, déi nei Gefierer, Systemer, Komponenten an technesch Eenheeten erfëlle mussen, fir um EU-Maart zougelooss ze ginn an ass duerch d'Veruerdnung (EU) 2024/1610 ergänzt ginn.

Am Kader vun dësem europäeschen Typgeneemegungssystem ginn och d'Dieren, d'Schléissmechanismen an d'Haltevorrichtungen no harmoniséierte Sécherheetsnorme gepréift. Dës Norme baséieren op internationale Reglementer vun der UNECE (United Nations Econonomic Commission for Europe) dorënner d'Reglement Nr. 11 dat sech mat "Door latches and hinges", also Verriggelungen vun Dieren a Scharnéiere beschäftegt.

Aktuell besteet an der europäescher Gesetzgebung keng explizit Flicht, datt elektresch bedriwwen Dieren eng Méiglechkeet mussen hu fir d'Dieren an engem Noutfall mechanesch opmaachen ze kennen. Dëst Thema gëtt aktiv op internationalem Plang diskutéiert, souwuel bei de Vereenten Natioune wéi um Niveau vun den europäeschen Institutiounen. Et ass also méiglech, datt zukünfteg Reglementer dës Ufuerderung integréieren.

Wann e Gefier eng gëlteg EU-Typgeneemegung vun engem Memberstaat kritt huet, sinn all aner Memberstaaten, dorënner Lëtzebuerg, verflicht dës Geneemegung unzeerkennen. Eng national Ofleenung wéinst der Ausféierung vun den Dieren ass domat net méiglech.

Lëtzebuerg wäert sech och an Zukunft un déi gemeinsam europäesch an international Reegelen halen a weiderhi sämtlech Upassungen ëmsetzen, déi op EU- oder internationalem Niveau zu de Sécherheetsnorme entscheet ginn.

Lëtzebuerg, den 21. Oktober 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes